63EME CHAMPIONNAT DU MONDE DE PECHE POUR NATIONS
2016 BULGARIE, PLOVDIV,
12-19 September 2016



Tägliche News von Viviane Schmitt - 4. Bericht vum 14.09.2016

Viviane Schmitt

## Léif Fëscherkollegen

Am léifsten giff ech iech jo soen dass mir den Truc eraus hunn an dass mir déi meeschten Fësch wäit an breet fänken. Leider ass deem net esou. Mir hunn haut zwar méi Fësch gefaang wéi déi Deeg virdrun, awer déi aner Natiounen och. Den Moment hunn mir 1-2 Karpen dobäi déi tëschent 800 an 2.000 grs hunn. Eis Gewiichter leien tëschent 2.000 an 6.800 grs. Wéi Verschiddener vun iech bestëmmt schonn am Internet oder um Facebook gesinn hunn, fänken d' Bulgaren, d' Kroaten, d' Belge asw. 3-4 där Karpen an d' Russen esouguer nach méi an virun allem sinn deenen hier och nach vill méi deck.

Déi meescht Natiounen bréngen weit méi Kiloen ob d' Wo wéi mir. Den Fern huet haut net schlecht gefaang an hien mengt dass hien kéint un déi Gewiichter erun kommen. Him geet et awer schonn den ganzen Dag net esou gutt, denken en huet en Hëtzschlag kritt. Hoffentlech ass hien muer erëm ob den Been. Och den Jérôme huet sech haut e bëssen gebessert.
Gutt virbereet huet hien en gudden Training absolvéiert. Wat mir elo schonn wëssen ass dass et keng einfach Fëscherei ass. Bis elo ass et emol am Ufank Match Staang an no enger Stonn ob 13m. Et muss ganz präzis gefiddert an gefëscht ginn. Wéi gesot, absolut net evident. Nach hunn mir zwee Deeg fir ons ze steigeren an fir muer steet deen nächsten Plang, deen wéi ech hoffen, vun méi Erfolleg gekréint ass. Bis elo ass d' Moral nach ëmmer héich an sou soll et bleiwen...



*Et kann dach net esou schweier,*
*wann ech esouguer een fänken ;))*
*Viviane*



Karpen an 6 Karauschen



*3 Karpen an 8 Karauschen*